# SÉCHERHEET

## P r e ve nt i o u n

D'Sécherheet ass eng berechtegt Erwaardung vun de Kanner a vun hiren Elteren un de Moniteur.

Pompjee a Jugendpompjee sinn, ass noutwendegerweis mat Gefore verbonnen, awer als Moniteur kënne mir vill maache fir Akzidenter ze verhënneren.

Als Moniteur musse mir all noutwendeg Virsiichtsmoossname bei der Wiel an der Organisatioun vun enger Aktivitéit huelen, fir esou d'Onfallgefor op e Minimum ze reduzéieren. D'Fro, déi dir iech stelle musst, ass: «Wat maachen ech fir en Akzident ze verhënneren?». Fir ze weise wat dat konkret heesche kann, ziele mer hei eng Rei Moossnamen op, un déi ee virun enger Aktivitéit soll denken.

Andeems dir un d'Sécherheet bei den Aktivitéiten denkt, maacht dir net nëmmen eppes fir är Jugendpompjeeën, mee dir kënnt iech am Fall vun engem Akzident och besser «verteidegen».

## 1. ALLGEMENGES

- Am Text gëtt de Jugendleeder(in) vum CIS als Moniteur bezeechent. All aner Persoun déi bei enger Aktivitéit hëlleft gëtt als Moniteur-adjoint oder Assistant bezeechent. Et ass wichteg dat den Moniteur, Moniteur-adjoint a Assistant iwwer déi jeeweileg Ausbildung verfügen, fir datt all Aktivitéit mat dem néidegem Wëssen a Sécherheet ofgehal ka ginn.
- Zesumme mat de Kanner/Jugendleche versiche mer, d'Gefore vun enger Aktivitéit ze erkennen an eis drop anzestellen.
- Mir beschafe fir all Aarbecht dat richtegt Geschier, halen et gutt an der Rei a loossen et net dorëmmer trëllen, wéi z.B. Aaxten an Himmer asw.
- Mir léieren an trainéieren déi Techniken a Gesten, déi bei der Aktivitéit gebraucht ginn (z.B. Kloteren, Schwammen, Schneiden a Seeën, Ëmgank mat Armaturen a net geféierlech Maschinnen)
- Mir kleeden äis der Aktivitéit no, z.B.: Helm bei der Löschübung a beim Vëlo fueren, fest Schong bei allen Aktivitéiten undoen, Schaffhändsche beim Hantéieren vun Armaturen a Geschier, hellt Gezei a Reflekteren owes op der Strooss, keng Nylonssaache beim Lagerfeier.
- Mir kucken eis d'Plaze gutt un, wou eis Aktivitéiten sech ofspillen, z.B. bei engem Nuetsspill d'Plaz am hellen Dag kucke goen, ...
- Nuetsspill-Rallye op gutt zougängleche Plazen ofhalen. Heibäi soll de Grupp onbedéngt vun engem Erwuessene begleet ginn.
- All Moniteur muss en 1.Héllefscours matgemaach hun. Eng reegelméisseg Widderhuelung ass wichteg.
- Bei de Kanner zou gëtt keen Alkohol gedronk an och net gefëmmt. (kuckt och d’Gesetzer 24 Mäerz 1989 a vum 29 Juni 1989)
- Eng Sammelplaz soll definéiert ginn, wou de ganze Grupp sech am Noutfall ka sammelen. (Wa méiglech d'Noutsituatioun üben.)
- Op der Strooss hale mir eis un de «Code de la route ».

## 2. HYGIENE

### Iesswueren

- Et gëtt méiglechst mat frëschen Iesswuere gekacht an d'Wuere gi suergfälteg gelagert.
- Op proppert Drénkwaasser gëtt Wäert geluecht.

## Allgemeng Hygiène um Camp

- D'Dreckskëscht steet wäit genuch ewech vun der Kichen a gëtt esou dacks ewéi méiglech eidel gemaach. Dreckskëscht muss een Deckel drop hunn dee gutt zou mécht.
- Nom Iessenn gëtt uerdentlech mat waarme Waasser gespullt.
- Fir d'Ofwässer besteet en Offloss deen net an d'ëffentlech Gewässer geet.
- D'Camptoilette gëtt hygieenesch a propper gehal.
- D'Kiche steet am Schied an/oder ënnert engem Iwwerdaach.
- An der Kiche muss gutt op d'Hygiène opgepasst ginn.
- Bei naassem Wieder Kleeder a Schlofsäck dréchen hale resp. dréchnen.
- Et gëtt fir e méiglechst equilibréiert Iesse gesuergt.
- Op déi perséinlech Proprietéit (och vun de Kanner) uecht ginn d.h. eemol pro Dag gëtt sech gewäsch.

## Gesondheet an 1. Hëllef

- Sech bei den Elteren iwwer de Gesondheetszoustand vun de Kanner informéieren; virum Camp eng «Fiche médicale» ausfëlle loossen.
- Et ass wichteg d'Elteren iwwer de Programm se informéieren datt si wësse wat op hier Kanner duer kënnt. (z.b. Nuetsaktivitéit, ...)
- D'Elteren op hier Verantwortlechkeeten hiweisen (Haftung vun den Elteren, ...) an sech vergewësseren datt eng Haftpflichtversécherung besteet.
- D'Elteren eng Lëscht ginn mat alle Saachen déi d'Kand net mathuelen däerf. (Briquet, Fixfeier, Täschemesser, Handy, ...)
- Bei den Aktivitéiten eng 1.Hëllefskëscht, mat ugepasstem an aktuelle Material, derbäi hunn.
- Een(t) derbäi hunn, deen/dat sech an 1.Hëllef auskennt (z.b. Ambulancier), an deen d'Këscht «verwalt»
- Am Zweiwelsfall och bei klenge Verletzunge bei den Dokter goen.
- D'e Verantwortlechen huet sech informéiert, wou een am Noutfall medezinesch Hëllef kréie kann. (112, lokalen Dokter, Apdikt,...)

## Auslandscamp

- Mat d'Zäit den "Service Commandé" ufroen an d'Erlabnes vum Chef de Centre froen.
- Schrëftlech Autorisatioun vun den Elteren, déi vun de betreffenden Autoritéite (Gemeng) beglaubegt ass, mathuelen.
- E 111 - Formulaire mathuelen.
- D'Impfkaarte mathuelen.

# 3. CAMPPLAZ

## Camp an enger Scheier

- Sech versécheren, datt kee vun de Jugendpompjeeë Fixfeier oder e Briquet bei sech huet.
- Elektresch kontrolléieren (Prisen, Kabelen, …)

- Et ass verbueden op der Genn ze schlof.
- Kontrolléieren, ob keng Botte kënnen erof falen, rutschen oder rullen.
- An der Scheier solle wa méiglech keng Maschinne stoen, déi d'Kanner ulackele fir drop ze turnen.
- Et gëtt op d'Fluchtweeër higewisen (zumools an de Chaleten oder Scheieren).

## Camp am Zelt

- Keen Zelt oder Iwwerdaach an déi Richtung opschloen, an déi de Wand d'Fonke vum Feier bléist.
- Platz loosse fir tëschent de Piquete vun Nopeschzelter duerchzegoen. Fir ee Schutz vun de Piquete suergen.
- Zelter sollen net esou wäit vuneneen ewech leien, datt een se net kann iwwerwaachen.
- Am Zelt net fëmmen, keng Gasluucht benotzen, keen oppe Feier maachen an net kachen.
- Während enger Sortie de Camp ni ouni Opsiicht loossen.

## Campkonstruktiounen

- Beim Schaffe mam Beil, mat der Aaxt oder mam Messer net an d'Richtung vum Been oder op déi aner Hand lass schloen oder schneiden. D'Geschier kann ëmmer mol ausrutschen.
- An der Schlagrichtung vun der Aaxt oder vum Hummer soll kee stoen.
- D'Kachmaschinn stabil an héchstens 80 cm héich (= Buedem vum Dëppen!) bauen.
- Wann ee mat Gaskocher kacht kontrolléiert een, ob de Schlauch an d'Dichtungen net sprock oder brécheg sinn, op den Détendeur an den Uschloss dicht sinn . D'Gasfläsch léisst een ni an der Sonn stoen. Den Datum op der Gasfläsch kontrolléiren.
- Konstruktioune mat gesondem Mënscheverstand bauen.

## Feier

- Nimools e Feier mat Spray, Spiritus, Bensin oder aneren explosive Stoffer ufänken!
- Ëmmer e Feierläscher, eng Kiwwelsprëtz oder en Eemer Waasser an en Eemer Sand beihand hunn fir ze läschen.
- Kee Feier an engem Dännebësch oder direkt ënnert engem Bam maachen.
- Wann ee Feier um Buedem mécht, muss een sech eng Plaz propper maachen, d.h. 2-3 m ronderëm d'Feierplaz alles ewechhuele wat d'Feier ausbreede kéint, z.B. dir Blieder.
- D'Feier vun der Trapperkichen nom Iesse ganz ausmaachen; mat Waasser besprëtzen an déi naass Äsche mat Buedem zoudecken.
- D'Kachplaz soll wäit genuch vun den Zelter ewech bleiwen.
- D'Feierplaz muss am A behale ginn.
- Feier richteg ausmaachen ier een d'Plaz verléisst.
- Fir 1. Hëllef suergen.

# 4. AKTIVITEITEN

## Afebréck a Seelbunn

- Héicht vun der Afebréck dem Alter upassen, Distanz tëscht de Seeler op d'Kandidaten ofstëmmen
- Nëmme gutt kontrolléiert Material a Seeler benotzen, d'Stabilitéit vun de Beem aschätzen.
- Helm a Bodrier undoen, permanent ofsécheren (och beim Erop- an Erofklammen)
- Iwwerleeë wat ka geschéie wann een erofffält oder um Enn vun der Seelbunn net gebremst kritt, an d'Plaz deem entspriechend auswielen an ofsécheren.
- Ëmmer nëmmen eng Persoun um Seel. D'Afebréck net als Klunsch benotzen.
- Ëmmer ee Seel als Sécherung mat bäi huelen.
- Een/eng Moniteur/Monitrice probéiert als éischt/en d'Konstruktioun aus.
- Bei der ganzer Aktivitéit de gesonde Mënscheverstand gebrauchen.

## Hike a Camp-volant

- All Camp muss beim JFA ugefrot ginn.
- E Wee eraussichen, deen dem Alter ugepasst ass.
- Geforepunkte mat de Jonken ofklären.
- Näischt am Bësch ënnerhuele van Juegd ass.
- En Noutbréif matginn.
- Den Organisateur / Moniteur soll méiglechst telefonesch erreechbar bleiwen.
- Um Hike kontrolléieren ob d'Jugendpompjeeën all op der Schlofplaz ukomm sinn.
- Sech mam Fieschter iwwer d'Schlofplaz ofschwätzen. De Fieschter ëm ee schrëftlechen Akkord froen. (Kuckt och d'Gesetz vum 11 August 1982)
- De Bëschproprietär schrëftlech forméieren. D'Gemeng schrëftlech informéieren.
- De Bësch muss propper verlooss ginn.

## Schwammen

- De Moniteur muss kloer wëssen, wien net schwamme kann (Bescheinegung vun den Eltere froen oder eventuell dofir Suergen datt se fräischwammen).
- Um « Certificat médical d'aptitude » vum Médico kontrolléieren op d'Jugendlecher apt sinn.
- Wann d'Schwammplaz net offiziell iwwerwaacht ass, informéiert een sech bei de Leit aus der Géigend, ob d'Waasser gëeegent ass fir ze schwammen.
- Beim Waasserwirtschaftsamt nofroen op een am Gewässer däerf schwammen (wéinst de Salmonellen asw.)
- Et gëtt klor gesot, wéi wäit een däerf schwammen.
- Oppassen op d'Temperatur vum Waasser ; op Lächer an déck Steng um Grond vum Gewässer.
- Et däerf keen eleng an d'Waasser.
- Ee gudde Schwëmmer kuckt vum Uwenner aus no.

- De Moniteur muss schwamme kennen (1. Rettungsschäin maachen)
- D'Leit mussen sech lues u fléissend Waasser gewinnen.
- Net an enger staarker Stréimung bueden oder schwammen.

### Floossfaart

- Op engem Flooss huet jiddereen eng Schwammwest un. (Wichteg : Keng Stiefelen undoe fir wann een an d'Waasser fällt.)
- Virun der Floossfaart d'Gewässer exploréieren (Wieren, Stréimungen ... )
- Net op Gewässer fueren, déi séier fléissen, well do ass et schwéier d'Flooss ze steieren.
- Um Flooss muss e Seel vun 30 m an e Paddel sinn (Kuckt d'Reglement vun der «Binnenschifffahrt no.)

### Extra Aktivitéiten

- Keen Nuetsspill an enger fielseger Géigend, Plaz am hellen Dag kucke goen, Spillberäich kloer ofgrenzen.
- Bei extra Aktivitéiten ewéi Floossfahrten, Klammen, Speleo, Biergtouren, Schwammen, ... sinn d'Unitéiten op eng ugepassten Aart a Weis ofgeséchert an encadréiert.
- Eventuell beim SNJ nofroe fir extra Detailer.

## 5. Encadrement

E wichtegt Element a punkto Ofsécherung vun eisen Aktivitéiten ass den Encadrement vun de Jonken. Dir fannt dofir hei eng Rëtsch Recommandatiounen, déi iech zur Orientéierung hëllefe kënnen.

### 1. Leedung

- E Camp gëtt vun engem(r) ernannte Moniteur/Regionaljugendleeder etc. geleet.
- De/Déi responsabel(e) Moniteur vum Camp ass vun Ufank bis un d'Enn vum Camp present.
- Am Staff vum Camp ass ausserdeem nach op d'mannst 1 Moniteur oder 1 erwuessene Mataarbechter pro 8 Jugendlecher.
- De Staff vun engem Camp mat Jongen a Meedercher ass gemëscht.
- An alle Fäll, déi virgesi sinn, a bei besonnesche Schwieregkeete kann de JFA aner Conditioune festleeën.

### 2. Recommandatiounen

### 2.1. Speziell Aktivitéiten

Et ass kloer, datt all Aktivitéiten duerch eng Equipe Moniteuren encadréiert gëtt.

Et däerf een net vergiessen dat wann d'Aktivitéit mei laang dauert, dat Gefor mei grouss gëtt a méi Moniteure fir Sécherheet suerge mussen.

Allerdéngs ass et net iwwerall néideg, datt d'Moniteure permanent all Equipe begleeden. Dëse klengen Tableau kann eng Hëllef sinn:

| | **8 – 11 Joer** | **11 – 14 Joer** | **14 – 16 Joer** |
|---|---|---|---|
| **Duerfspill - Expo** | C | oC | |
| **Nuetsaktivitéit** | C | C | C |
| **Schwammen** | C | C | C |
| **Floossfahrt** | - | C | C |

| | | | |
|---|---|---|---|
| **Hike – ënnerwee** | - | oC/C* | oC |
| **Hike – iwernuechten** | - | C | C |
| **Camp – volant** | - | - | C |

- : keng typesch Aktivitéit

C: typesch Aktivitéit, Begleedung vun enger eenzelner Equipe duerch Moniteuren noutwendeg
oC: typesch Aktivitéit, Begleedung duerch Moniteur net onbedéngt noutwendeg

* : op d'manst Posten ënnerwee

**: op manst eng Visite vun den Moniteur op der Schlofplaz

## 6. Verflichtungen vun den Moniteur

Moniteur sinn, bréngt och eng Rei Flichte mat sech. Engersäits erginn sech dës Flichten aus de juristesche Responsabilitéiten, déi mir iwwerhuele wa mir mat Mannerjärege schaffen. Anerersäits bréngen och d'Zilsetzunge vum Jugendfeierwiehr-Ausschoss moralesch Verflichtunge mat sech.

### 1. SECHERHEET

D'Sécherheet an d'Iwwerwachungsflicht si matenee ganz enk verbonnen doduerch datt d'Iwwerwachungsflicht vun dem Moniteur eng direkt Konsequenz vun der « obligation de sécurité» déi e vis-à-vis vum Kand dréit, ass.

De Moniteur ass verflicht all noutwendeg Virsiichtsmoossname bei der Wiel an der Organisatioun vun enger Aktivitéit ze huelen, fir esou d'Onfallgefor op e Minimum ze reduzéieren.

### 2. IWWERWAACHUNGSFLICHT

D'Iwwerwaachungsflicht gëlt fir déi ganz Zäit vun der Aktivitéit.

Et gëtt de Moniteur staark ugerode fir den Ufank an d'Enn vun enger Aktivitéit kloer ze markéieren, fir all Zweedeitegkeet auszeschléissen, déi kéint opdauchen am Fall wou z.B. kuerz virun oder nom Ufank resp. Schluss vun der Aktivitéit en Akzident passéiert.

Beispiller:

- Eng Moniteurequipe déi duerch Nuetsaktivitéiten de Jonken net genuch Schlof erméiglecht.
- Zum Schluss vun engem Camp kommen d'Elteren hir Kanner net ofhuelen. De Moniteur huet d'Opsiichtsflicht bis d'Kanner ofgeholl ginn. Während der Zäit wou do eppes passéiert, ass de Moniteur responsabel.
- Wa während enger Nuetssortie am Bësch d'Kand iwwert en Aascht fält oder sech soss iergendwéi verletzt. An dësem Kontext ass awer ze ënnersträichen datt eng Nuetsaktivitéit, wéi generell all Aktivitéit dem Alter vum Kand ugepasst muss ginn an datt de Moniteur speziell während enger Nuetsaktivitéit ëmmer dobäi muss sinn fir eng optimal Sécherheet ze garantéieren.

### 3. INFORMATIOUNSFLICHT

D'Informatiounsflicht ass am allgemengen eng « obligation de moyen». D'Informatiounsflicht besteet fir de Moniteur dra souwuel d'Eltere wéi d'Kanner ze informéieren, wat während engem Campeng, engem Weekend oder enger Aktivitéit gemaach gëtt.

De Moniteur huet och d’Flicht sech selwer ze informéiere wat d'Riske vun enger Aktivitéit sinn andeems se sech Informatiounen aus Fachzäitschrëften oder beim JFA huelen. (Och beim SNJ kritt een Informatiounen)

## 4. MORALESCH VERFLICHTUNGEN

Als Moniteur vun de «Lëtzebuerger Jugendpompjeeën» sidd dir Responsabel vum CGDIS, ärem CIS an eventuell vum Pompjeesverband, dee fir verschidde Wäerter steet. Dës Wäerter sinn an eise Statuten an am Gesetz beschriwwen.

Äert Behuele bei den Aktivitéiten, ären Ëmgank mat de Kanner a Jugendlechen, mussen dëse Wäerter gerecht ginn. Et sinn dat är moralesch Verflichtunge vis-à-vis vun den Elteren, mee och vis-à-vis vum CGDIS, CIS an dem Pompjeesverband.

## 5. HIERARCHIE AN DE RESPONSABILITEITEN

### 5.1. De responsabele Moniteur

Responsabel fir eng Aktivitéit ass de Moniteur ënnert deem dës Aktivitéit organiséiert gëtt. Sie mussen all hir Méiglechkeeten asetzen, datt de Kanner oder enger Drëttpersoun näischt passéiert.

Wann de Moniteur d'Kanner oder d'Jugendlech, fir déi si responsabel sinn, engem Moniteur-adjoint oder Assistant uvertrauen, mussen si fir deem seng Feeler opkomme grad wéi fir hir eegen, well si responsabel si fir d'Organisatioun vun der Aktivitéit.

Duerfir musse Moniteuren d'Iwwersiicht iwwer d'Aktivitéiten hunn a kucken, datt op d'mannst déi gesetzlech Verboter agehale ginn.

Beispill:
Op engem lokale Camp, dee vun engem Moniteur geleet gëtt, gëtt en Hike vun engem Moniteur-adjoint organiséiert. Et kënnt zu engem Akzident.

De Moniteur-adjoint ass an éischter Linn responsabel als Organisateur vum Hike, duerno de Moniteur als Organisateur vum Camp, duerno de Chef de Centre als Chef vum Moniteur, duerno de CGDIS als Chef vum Centre. Des Hierarchie gëtt der Rei no op hir Gewëssenhaftegkeet kontrolléiert.

### 5.2. Dei aner Moniteureen

Déi aner Moniteure sinn net direkt responsabel géintiwwer den Eltere bei den Aktivitéiten, mee den Organisateur vun der Aktivitéit.

All Moniteur muss vu vireran déi richteg Instruktioune ginn an dofir suergen, datt vis-à-vis vum CGDIS an dem Pompjeesverband (JFA) alles konform zu de Reglementer a Statuten organiséiert, ugemellt an duerchgefouert gëtt.

De Moniteur huet d'Flicht, festgestallten Onregelmässegkeeten an Disfonktionnementer ze ënnerbannen oder Récksprooch mat dem CGDIS an eventuell dem JFA ze huelen (z.B. Probleemer mat Alkohol op engem Camp).

## 7. Eis Assurancen

Als Lëtzebuerger Jugendpompjeeën sinn mir ofgedeckt duerch d'Assurance Accident, d'Assurance Responsabilité Civile an d'Assurance complémentaire.

## 8. Am Noutfall

Dat, wat hei beschriwwe gëtt, si Recommandatioune fir de Fall vun engem schwéieren Akzident. E schwéiert Akzident ass eent wou e Liewen a Gefor ass oder wou schwéier bleiwend Schied ze fäerte sinn. An esou engem Fall ass et wichteg e klore Kapp ze behalen an d'Situatioun net nach ze verschlëmmeren.
Déi Recommandatiounen, déi hei opgezielt sinn, kënnen awer och nëtzlech sinn an engem manner dramatesche Fall.

# 1. DIREKT

## 1.1. Koordinatioun

- Am Fall vun engem Akzident iwwerhëlt den Haaptverantwortlechen d'Koordinatioun. Wann hien/hatt net handlungsfäeg ass, iwwerhëlt en aneren a senger Plaz dës Charge.
  Wichteg: Et däerf nëmmen eng Persoun sinn, déi koordinéiert!
- Ee Moniteur gëtt designéiert, deen sech drëms këmmert den 112 an den 113 unzeruffen. Dëse Moniteur soll sech d'Méi ginn, dem 112 an dem 113 präzis Informatiounen ze ginn.

## 1.2. De Blesséierten

- Op kee Fall däerf de Betraffenen (Blesséierten) eleng gelooss ginn.
- De Blesséierte berouegen, zoudecken.
- 1. Hëllef maachen.
- Dem Noutdéngscht déi néideg Informatioune ginn.
- Wann de Betraffenen an d'Spidol transportéiert gëtt, froen a wat fir eent. En Erwuessene muss de Jugendlechen an d'Spidol begleeden.

## 1.3. De Rescht vum Grupp

- Kee vun de Moniteur oder Jugendlecher oniwwerluecht handele loossen.
- Wann et geet den Appell vun de Leit maachen (kucken ob kee feelt) an se zesummen halen.
- Kucken ob keen anere blesséiert ass (ënner Schock kënnt et vir, datt verschidde Leit sech net mellen).
- D'Géigend analyséieren ob keng aner Gefore kënnen nokommen (Verkéier op der Strooss, beim Waasser, Steebroch ...)
- D'Akzidentsplaz ofsécheren (Afaarten an Ausfaarte fräihalen, déi Virwëtzeg ewechhalen ...
- De Retour vun de Kanner an d'Campplaz organiséieren. Wa méiglech dee selwechte Wee heemgoe wann een d'Géigend net kennt.
- Zréck op d'Campplaz goen. Déi aner Moniteure resp. Kanner informéieren a berouegen.

# 2. ESOU SEIER WEI MEIGLECH

- Den JFA informéieren (President). Vun do aus gëtt ee Responsabelen op d'Plaz geschéckt.
- Wann de Responsabelen aus dem Jugendfeierwiehr-Ausschoss ukënnt, iwwerhëlt hien/hat - wann néideg - d'Koordinatioun an déi weider Schrëtt.
- De Responsabel vum CGDIS (iwwert CSU112) informéieren.
- D'Eltere vum Jugendlechen informéieren.
- De President vum JFA huet de Verbandspresident se informéieren.

### 3. PRESS

- Keng lnformatiounen un Friemer oder un d'Press ginn, dofir suergt de JFA/ CGDIS.

## 9. Checklëscht fir Moniteuren

### 1. Allgemeng Erwaardungen un d'Moniteur am Beräich Sécherheet

Bei den Aktivitéiten dréit den Organisateur d'Verantwortung. Deemno steet de Moniteur net direkt an der éischter Linn. Trotzdeem huet hatt/hien eng wichteg Roll am Beräich Sécherheet ze spillen. Dëst si wichteg Aufgabe vum Moniteur :

**a. Informatiounsflicht**
D'Elteren, déi hir Kanner bei de Jugendpompjeeën umellen, hunn d'Recht iwwer eis Aktivitéiten informéiert ze sinn. De Moniteur soll eemol d'Joer eng Informatiounsversammlung fir d'Elteren ofhalen. (z.b. Generalversammlung vum CIS)
Bei gréisseren Aktivitéiten, wéi engem Camp, mussen d'Elteren iwwer de Programm informéiert ginn. Dat kann iwwer eng Informatiounsversammlung oder en Informatiounsblat geschéien.

**b. Gudde Kontakt mat den Elteren**
Et ass wichteg, datt d'Elteren déi Responsabel vum Grupp kennen. Et geet net duer, datt d'Elteren nëmmen de Chef de Centre kennen, mee si sollten och de Moniteur kennen.

**c. Gutt Gewëssen a punkto Sécherheet**
Et ass wichteg, datt d'Moniteuren noweise kënnen, datt si schonn an der Preparatiounsphas u Sécherheetsaspekter geduecht hunn. De JFA muss duerfir suergen, datt d'Moniteuren dorun denken an déi richteg Dokumentatioun hunn.

**d. Am Noutfall**
Am Noutfall ass de Regionaljugendleeder/Moniteur speziell gefuerdert, fir d'Hëllef op d'Plaz ze kréien, fir d'Situatioun op der Plaz an de Grëff ze kréien, fir de Kanner/Jugendlechen, mee och de Moniteur bäizestoen. De Regionaljugendleeder/Moniteur hält och no engem Akzident de reegelméissege Kontakt mat den Elteren. Hatt/hien suergt duerfir, datt de President vum JFA informéiert gëtt an datt déi richteg Formulare richteg a komplett ausgefëllt ass.

### 2. Am Laf vum Joer

- Sinn all d'Kanner/Jugendlech vum CIS beim CGDIS ugemellt?
- Sinn all Moniteur an -adjointen forméiert gemäss REA?
- Sinn d'Campe beim JFA ugemellt?
- Ginn d'Eltere genuch iwwer eis Aktivitéiten informéiert (Informatiounsversammlung oder Informatiounsblat)?
- Sinn eis gréisser medezinesch Problemer vu Jugendpompjeeë bekannt?

### 3. Virun engem Camp

- Sinn d'Elteren an d'Moniteuren iwwer de Programm informéiert?
- Huet de Moniteur d'Fiche médicale ausfëlle gelooss?
- Ass de Grupp korrekt encadréiert ?
- Weess de Moniteur, datt si eng Opsiichtsflicht vis-à-vis vun de Kanner hunn a wëssen si wat dat mat sech bréngt?

- Ass de Moniteur op seng Responsabilitéit higewisen ?

### 3.1. 1. Hëllef

- Denke Moniteuren un eng Campapdikt (bei aner Aktivitéiten eng 1. Hëllefskëscht)?
- Kritt de Grupp noutfalls medezinesch Hëllef?
- Ass de Responsabel telefonesch ze erreechen?

### 3.2. Am Eeschtfall

- Huet de Regionaljugendleeder/ Moniteur d'Adressen an d'Telefonsnummer vum Campresponsabelen?
- Huet de Responsabelen d'Adressen an d'Telefonsnummere vun de jeeweilegen Elteren/Tuteure während der Period vum Camp.